N° 228
Entrée le 29.04.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

**Här President,**

Am Kader vun der Froestonn vum 29 Abrëll 2025 wéilt ech dem Minister fir Energie eng mëndlech Fro stellen.

D'Reechwäit a virun allem och d'Opluede bei engem Elektroauto bleiwen zwee vun de wichtegsten Akafskrittären, an domat och wichteg Facteure wann et ëm d'Promotioun an d'Weiderentwécklung vun der Elektromobilitéit geet. Och d'Constructeuren hunn dëst esou erkannt a schaffe prioritär un de Leeschtunge vun de Batterien. Esou si konstant d'Luedleeschtungen verbessert a verstäerkt ginn, esou dass iwwer méi héich Spannungen, zum Beispill 800 Volt, den Auto kann méi schnell geluede ginn. Dëst Joer huet déi éischt Mark eng Linn annoncéiert, déi op bis zu 1000 Volt ausgeluecht ass. Fir dass d'Consommateuren awer och vun dëse Virdeeler profitéiere kënnen, brauch et eng entspriechend Infrastruktur, déi d'Autoen iwwer esou héich Spannunge luede kann. De SuperChargy, also eis ëffentlech kofinanzéiert Struktur, bitt aktuell ënnert gewësse Konditiounen eng maximal Leeschtung vun 350 Kilowatt un. Et gëtt also nach e Sputt no uewen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

Wéi gesi Pläng bei der Moderniséierung vun eiser Opluedinfrastruktur aus ? Wéi gesinn d'Iwwerleeungen aus wat d'Spannung ugeet vun dëser Opluedinfrastruktur?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten